# Flott Feier zu Wolz

## Geburtsdagsfeier an der Geenzebléi



**Wolz.** Zanter 2022 organiséiert d'Amicale Les Amis de la Maison de Retraite Wolz all dräi Méint eng Gebuertsdagsfeier am Atrium an der Geenzebléi zu Wolz. Am Januar goufen 28 Bewunner geéiert, déi am Mount Oktober, November oder Dezember Gebuertsdag haten.

Bei der Begréissung huet d'Sekretärin Claire Funck, déi den President Jing Huet vertrueden huet, gesot, wéi frou si ass, dat sou vill Bewunner der Aluedung fir dës Feier nokomm sinn. D'Direktioun vum Servior war duerch d'Evelyn Plawny an d'Myriam Vanhackendover vertrueden. De Patrick Comes, deen d'Gemeng vertrueden hat, huet e puer Wierder un déi Geéiert an d'Bewunner geriicht. All hunn beim „Happy Birthday" matgesongen an duerno kruten déi 28 Geéiert ee Kaddo vun hirer Amicale.

Fir Iessen a Gedrénks, esou wéi flott Musek aus aler Zäit, war och gesuergt. An wéi ëmmer zum Schluss ass de Gebuertsdagskuch mat Kaffi vun de Memberen aus der Amicale zesumme mam Personal vum Servior zerwéiert ginn. D'Bewunner ware ganz frou, fir dës schéi Gebuertsdagsfeier a goufe fir de 17. Februar op d'Fuesparty mam Willy Schmitz invitéiert.

*Jean-Paul Huet*
*via mywort*